



N° 7072
Entrée le 26.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Zu Garnich stinn zwee nei Wandrieder, déi zesummen ronn 16 Gigawattstonne Strom pro Joer fir de Wandpark Garnich hirstellen. Awunner hu mer zougedroen, dass déi 2 Wandrieder reegelméisseg owes vun 18h00 bis 21h00 net méi dréinen. Dat leit awer net dorunner, dass kee Wand bléist: e puer Kilometer weider zu Stierpenech an der Belsch dréihnen d'Rieder während där Zäit normal weider.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et ee Grond, firwat d'Wandrieder zu Garnech owes, kuerz virun 18h00, ausgeschalt ginn?
2. Ginn et nach Wandrieder hei am Land ginn, déi zou bestëmmten Auerzäiten systematesch ausgeschalt ginn a falls jo, aus wat fir enge Grënn gëtt dat gemaach?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten





**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7072 vum
26. Oktober 2022 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Déactivation d'éoliennes"**

1. Gëtt et ee Grond, firwat d'Wandrieder zu Garnech owes, kuerz virun 18h00, ausgeschalt ginn?

Wéi eis vum Anlagebedreier matgedeelt gouf, ginn et bei de Wandrieder zu Garnech tëscht dem 1. Mee bis den 31. Oktober sougenannt "Flidermausofschtaltungen", dëst all kéiers 1 Stonn viru Sonnenënnergäng a bei bestëmmte Meteoskonditiounen (Temperatur $\geq 10^{\circ}\text{C}$ a Wandvitesse $\leq 7\text{m/s}$) bis Sonnenopgang.

2. Ginn et nach Wandrieder hei am Land, déi zou bestëmmten Auerzäiten systematesch ausgeschalt ginn a falls jo, aus wat fir enge Grënn gëtt dat gemaach?

Dëst ass ofhängeg vun der geographescher Lag vun de Wandrieder an d'Ofschalte gëtt dann och an de jeeweilege Geneemegunge festgehalten an d'Grënn sinn deementspreechend ënnerschiddlech: Schutz vun der Fauna, Schietwurf, staark oder extrem Wiederkonditiounen...

Sou wéi de gréisste Bedreier vu Wandanlagen hei am Land eis matgedeelt huet, ginn et bei all senge Wandparken Oplagen zum Schutz vun de Flidermais, fir d'Wandrieder bei bestëmmte Bedingungen auszuschalten.

Lëtzebuerg, den 29. November 2022
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie